PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Finanzen weiderzeleeden.

Laut engem Artikel vum 18ten November vu reporter.lu, gouf et 2018 Pläng vum deemolege Verdeedegungsminister Etienne Schneider, fir d'Direktioun vun der Defense an der Police, esou wei de SREL a Gebailechkeeten op der Cloche d'Or ënnerzebréngen. Laut dem Noriichteportal hätt dëse Projet, dee warscheinlech de Sécherheetsstandarde fir dës Administratiounen net entsprach hätt, de Steierzueler um Enn bis zu 70 Milliounen Euro kascht.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Gebailechkeeten huet de Staat säit dem 6.12.2013 duerch eng esou genannte Prozedur *location-vente* kaaft?

2. Firwat hunn d'Ministeren no de Walen 2018 decidéiert, déi verschidden Direktiounen net an d'Gebai *Darwin* op d'Cloche d'Or ze plënneren?

3. Firwat gouf no de Walen 2018 decidéiert, fir d'Servicer vum Ministère de la Santé an dësem Gebai ënnerzebréngen?
   Gëtt et eng *clause d'achat* am Kontrakt tëscht dem Staat an de Besëtzer vum Gebai?

4. Laut reporter.lu, huet den deemolegen Arméisminister Drock op seng Servicer gemaach, dass de Projet nach virun de Walen 2018 ofgeschloss sollt ginn. Ee Projet, an deen ee Promoteur verwéckelt ass, bei deem den deemolege Minister och privat gelount huet.
   Gesinn d'Ministeren an dësem Fall een Interessekonflikt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député